Clubmeeschterschaft

am Heischentergronn

Haut Samsdes den 12. September 2015 huet den Fly Fishing Club Lëtzebuerg séng éischten Manche vun der Clubmeeschterschaft am Heischentergronn op der No Kill Streck vum Wëltzer Fëscherclub ausgedroën. Moies um ning Auer woren 13 gudd gelaunten Fëscher vun eisem Fëscher Club ungetrueden fir dës éischten Manche, déi traditioneller Weis am Fléissgewässer op der Uewersauer ausgedroën gët, bei guddem Hierschtwieder auszefëschen.

Mir haten eis am Hotel Bissen getraff an no der obligatorescher Taas Kaffi huet dun eisen Sekretär, den Erni, d'Souën opgehuewen fir d'Permisën, déi Hien unschléissend um Camping Bissen ofgehol huet. Den Erni hat och am Víraus mat den Leit vum Wëltzer Fëscher Club geschwat fir dass mir och dëst Joër erëm konnten eis Manche am Fléissgewässer op hírem No Kill Lous ausdroën. d'Équipe ronderëm eisen Präsident, den Jeek, huet sech unschléissend op den Weë gemeet fir d'Stänn setzen ze goën. Dat ass schon ëmmer éng ganz lëschteg Ugeleenheet ewoubäi déi éischt Ronn Gesteppels schon ausgedroën gët. Dës Kéier hun mir dann och gekuckt fir déi Stänn ewou net esouvill Waasser wor ee bëssen méi grouss ze gestalten fir op Manst ee bëssen den Nodeel op deenen Plazen auszegläichen. Et wor awer ewei den ganzen Summer iwwer net vill Waasser an der Uewersauer. Nodeems d'Stänn gesat woren hun d'Fëscher ungefaangen hir Staangen ze präparéieren, och dat ass éng Wëssenschaft fir sech an natiirlech leeft och dat net ouni dat dozou gehéierend Gesteppels of.

Unschléissend hun mir eis op den Weë bei d´Waasser gemeet. Den éischten Duurchgang deen vírum Jessen ausgedroën gín ass huet dann och direckt fír éng fatzég Jweraschung gesourgt. Den Joé Bartholmé, den jéngsten Fëscher ënnert eis, huet direckt las geluecht ewei een Weltmeeschter. Hien huet een Fësch nom anneren gefaangen an huet eis aal Huesen d´Fäerten geléiert. Hien hat den Dréih eraus an huet mat fënnef Fësch vírum Jessen d´Klassement ungefouert. Et sín allgemeng vírum Jessen net vill Fësch gefaangen gín, och wann dach déi éng oder anner schéin Forell dobäi wor.

No deem unstrengenden éischten Duurchgang ewou mir dach éngem immensen Drock ausgesat woren, haten mir eis natiirlech eemol éng gehéireg Stärkung verdingt an esou sin dun eis richtég Stärkten erëm zum Virschäin komm, näemlech beim Mëttegiessen. Mir hun eis net laang fléiwen geloos an ewell esou vill Leit am Hotel Bissen deen Dag woren, huet den Apéro alt och ee bëssen méi laang gedauert, mée och dat hun mir ewei Männer erdroën an dun ass alt deen zweeten Duurchgang ee bëssen méi spéid ungetuut gin. Mir woren éng geselleg Ronn an op Manst beim Jessen huet keen mat der Motivatioun ze kämpfen gehat.

Mëttes sin dun nach Duurchgang zwee an dräi ausgefëscht gin. Hei wor et dun eisen zweeten neien Member, den Sedat Asani, deen och déi éischten Kéier deelgehol hat an eis direckt gewisen huet dass Hien awer mat Secherheet net déi éischten Kéier mat der Méck gefëscht huet ewell Hien, nodeems Hien Moies nach keen Fësch gefaangen hat, Mëttes een Fësch nom anneren gefaangen huet an sech esou bei sénger éischter Participatioun direckt als gudden Zweeten klasséieren konnt. Den Joé huet zwar Mëttes ee bëssen no geloos mée och Hien konnt sech bei sénger éischter Bedeelegung direckt um Podium als gudden Drëtten klasséieren. Bei deem Elan deen Sie un den Dag geluet haten konnt nëmmen nach Een mathalen an esou koum et dass sech den Äender Jung ganz knapps als Beschten no der éischter Manche klasséieren konnt. Ofschléissend hun mir eis nach bei éngem gemitlechen Patt zesummen gesat fir d´Resultater auszerechnen an matzedeelen.

Resutater nom éischten Duurchgang:

Äender Jung	7 Fësch	373 Punkten	1. Plaz
Sedat Asani	7 Fësch	367 Punkten	2. Plaz
Joé Bartholmé	5 Fësch	284 Punkten	3. Plaz
Dan Pierrot	4 Fësch	222 Punkten	4. Plaz
Luss Dilk	3 Fësch	186 Punkten	5. Plaz
Patrick Bartholmé	3 Fësch	158 Punkten	6. Plaz
Raymond Thoma	2 Fësch	110 Punkten	7. Plaz
Roger Lemmer	1 Fësch	91 Punkten	8. Plaz
Pol May		45 Punkten	9. Plaz
Jeek May		45 Punkten	9. Plaz
Albert Bettendorff		45 Punkten	9. Plaz
Dan Muno		45 Punkten	9. Plaz
Marc Duton		45 Punkten	9. Plaz